Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Familljeminister weiderzeleeden.

Laut engem Artikel am "Quotidien" vum 13. Abrëll 2026 mam Titel *"Les plus démunis 'exclus' du Plan national pauvreté ?"* behaapten e puer ONGen an Associatiounen, datt den Nationale Plang vun der Regierung fir d'Aarmutsbekämpfung, trotz e puer Fortschrëtter, déi benodeelegt Bevëlkerungsgruppe vernoléissegt a konkret Moossname feelen, fir hir Situatioun ze verbesseren. Si betoune besonnesch, datt déi benodeelegt Leit bei den ugekënnegte Moossnamen net adäquat berécksiichtegt ginn, obwuel ee vu fënnef Awunner nach ëmmer ënnert der Aarmutsgrenz lieft.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi reagéiert d'Regierung op d'Kritik vun Netregierungsorganisatiounen, datt déi Äermst vum Nationalen Aarmutsplang "ausgeschloss" oder net genuch berécksiichtegt ginn?
2. Wéi eng spezifesch Moossname si fir déi am meeschte benodeelegt Bevëlkerungsgruppe geplangt, besonnesch fir Obdachloser, elengerzéiend Elteren a Leit a ganz prekäre Liewensbedingungen?
3. Firwat ginn dës Moossnamen net méi kloer am Plang ervirgehuewen, obwuel dës Gruppe scho jorelaang als déi identifizéiert sinn, déi am meeschte vun der Aarmut bedrot sinn?
4. Huet d'Regierung vir, de Plang ze iwwerpréiwen oder ze ergänzen, fir méi direkt, praktesch a méi séier Moossname fir dës Zilgruppen ze ergräifen?
5. Wéi suergt de Ministère dofir, datt déi 106 ugekënnegt Moossnamen net nëmmen an der Theorie gutt kléngen, mee tatsächlech fir déi zougänglech sinn, déi aktuell net vun de bestoenden Hëllefsprogrammer profitéieren?
6. Wéi eng Analys ass geplangt, fir sécherzestellen, datt d'Regierungsmoossnamen tatsächlech déi vulnerabelst Leit erreechen?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten